


De Flyfishing Club aus Lëtzebuerg war an d Picardie bei d´Céline an de Vincent gefuer fir op hirem Domaine ee wonnerbare Weekend beim Méckeféschen ze verbréngen. Zanter enger Rei vu Joren ass den Domaine de Coyolles fest an eisem Joresprogramm verankert a sécherlech ee vun den Héichpunkten am Joer. Beim Céline a beim Vincent si mir net nëmme wëllkomm mee et spiert et zu all Moment dass Sie sech all erdenklech Méi gi fir dass eisen Openthalt eis soll a gudder Erënnerung bleiwen, wat och ëmmer erëm op een Neist de Fall ass. Et ass och flott ze gesinn ewéi des Sortie no ee bëssen Ulaf dach elo bei eise Memberen ukomm ass.



Coyolles dat ass ganz vill a ganz intakten Natur, d´Fëschweiere leie ganz fir sech an duerfir kann een och hei ganz ongestéiert senger Passioun no goen zemools wou de Vincent säi Site top ënnerhält an dat op eng ganz diskret Aart a Weis ouni dass d´Fëscher doduerch géife gestéiert ginn. Hien ass awer och ganz gäre bereet engem ee gudde Rot ze gi sief et wat Méckenauswiel ubelaangt oder allgemeng ewéi een et am beschte soll ugoen an dat op eng him eege sympathesch Aart a Weis, dernieft kann ee mat Him awer och iwwer Alldeeglech Saache schwätzen. An hirer Lodge befënnt sech och ee Fëschergeschäft wou een sech komplett equipéiere kann an dovunner profitéieren eis Memberen dann och ganz gären zemools wou et a Lëtzebuerg jo méi schwéier ass fir sech ze equipéiere wann een dat net well iwwer Internet maachen.





D´Céline senger Säit s ass de Patron an net manner sympathesch ewéi de Vincent, Hat suergt zesumme mat senger Kächin dofir dass mir och niewent dem fësche beschtens versuergt sinn. Dat ass och mat Sécherheet ee vun de Grënn firwat mir esou gäre bei Sie fueren. D´ Céline suergt duerfir dass dat kulinarescht net ze kuerz kennt, ass dernieft awer och ëmmer besuergt fir de Fëscher all Wonsch ze erfëlle fir dass Des sech bei Him wuel fillen. Eng weider Opwäertung vun hirem Site ass de Gite deen och de Fëscher zur Verfügung steet, esou konnte mir dëst Joer zu ganzer 13 Memberen dohinner fuere woubäi d´Fëscher déi hir Fra matbruecht haten am Gite ënnerbruecht waren an hei ganz fir sech waren ausser natierlech wa mir zesumme giess hunn an och niewent dem fëschen eis Zäit zesumme verbruecht hunn.




Zu Coyolles kann een awer och mat der Méck op den Hiecht fëschen, fir eis Memberen déi eenzeg Sortie wou déi Méiglechkeet ginn ass an duerfir profitéieren eis Fëscher natierlech fir och d´Méiglechkeet ze hu mol ee schéinen Hiecht ze fänken an et ginn der och all Kéiers gefaange vun eise Fëscher. Dëst Joer war et um Jemp sengem Tour, Hien konnt ee wonnerschéine gutt genierten Hiecht vun 88 cm fänken a wat soll ech soen deen hat Hien sech och riedlech verdéngt, ass Hien dach ee vun

eise Fëscher déi vun der éischter Sortie op Coyolles aus un all Joers säi Gléck gesicht huet an elo endlech belount ginn ass. Mee och déi aner Fëscher hu vun Zäit zu Zäit dem Hiecht nogestallt an de Fränz konnt als Rookie och een Hiecht fänken och wann dësen net grad esou grouss war mee et muss ee kléng ufänke fir schlussendlech räich belount ze ginn.







Wat awer ëmmer erëm op een Neist eis Fëscher begeeschtert ass déi Rou wou een hei virfënnt, dat bréngt mat sech dass den Alldag séier vergiess ass an d´Zäit fërmlech stoe bleift. Sinn bei eise Sortien déi nëmmen een Dag daueren eis Fëscher direkt am Aktiv Modus esou loosse Sie et zu Coyolles mol méi lues ugoe mam Wëssen dass nach genuch Zäit bleift fir ze fëschen. Esou zitt dat sech dann duerch déi ganz dräi Deeg wou mir Viruert sinn. Natierlech well dat net heeschen dass mir keng Fësch wéilte fänken an eis Fëscher déi normalerweis net ze hale sinn esoubal se d´Waasser gesi waren och des Kéier top motivéiert an hunn och schéin dobäi gemaach mee och Sie konnten awer dat ronderëm vill méi genéissen ewéi dat soss de Fall ass. Natierlech geet et bei eisem Club net nëmmen em d´Fëschen, Kollegialitéit an déi schéin Natur, woubäi mir beim Iesse wären. Moies geet et scho lass wa mir gemittlech beim Kaffi sëtzen an de Plang vum Dag opstelle woubäi och hei eis Fëscher scho vum Céline verwinnt ginn a mir ganz gewëss net mat hongeregem Bauch untriede fir ee bëssen ze fëschen ewell um zwielef Auer gëtt schonn zu Mëtteg giess woubäi mir natierlech scho virdrun eisen Aperitif genéissen. Mëttes gëtt dann erëm gefescht fir um hallwer siwen zu Nuecht ze iessen ewell jo uschléissend awer och nach de Coup du Soir gefescht gëtt. Wann mir an dee Rhythmus verfale vergiesse mir dann och d´Zäit an iert mir eis ëmsinn hu sinn déi dräi Deeg schonn erëm eriwwer.













